

Lëtzebuerg, den 29 Abrëll 2020

Avis zur Schoulrentrée am Mee

D'CNEL, déi national Schülerkonferenz, gesäit an dëser schwiereger Zäit vum Covid-19 eng Rei Problemer bei der Schoulrentrée am Mee. D'Schüler stellen sech nach eng Partie Froen a hu Bedenken nieft hirer Angscht déi se nach hunn.

Allgemeng géinge mir eis Schüler méi Transparenz wënschen, grad an dësen Zäiten. Et muss fir jidderee méi Kloverheet geschafft ginn, well vill Froe stinn nach oppen am Raum, wat vill Schüler veronséichert zrëck an d'Schoul ze goen. Mir sinn eis natierlech bewosst, dass villes komplizéiert ass an vill Decisiounen Zäit brauche geholl ze ginn, mee mir wëlle gären hëllefden des Situatioun ze iwewältegen. Hei an dësem Schreiwes si puer Froen a Gedanken dran déi fir d'Schüler nach onkloer sinn.

Ëffentlechen Transport

Scho virun dëse schwieregen Zäite, hunn mir Schüler festgestallt, dass den ëffentlechen Transport/Schülertransport problematesch ass. Vill Transportmëttel si während gewëssenen Auerzäite scho gutt gefëllt a kommen oft och net pünktlech un. Mir Schüler stellen eis besonnesch elo d'Fro, wéi ee beim Transport déi neidesch Sécherheetsmesuren anhale kann. Och mat hallef souvill Schüler gesi mir ganz kloer net wei ee déi Sécherheetsmesuren anhale kann. Mir verlaange dowéinst, dass ee geziilt méi Transportmëttel fir d'Schüler misst fuere loossen. Ausserdem soll ee Retarde méi mënschlech ugesinn, vill Schüler hunn sech zum Beispill moies op der Gare nach an e volle Schülerbus gedréckt, wat een sech elo a Covid-19 Zäiten net méi erlabe kann.

Desweidere verlaange mir, dass och d'Primaner an der éischer Woch mam ëffentleche Schoultransport fuere kennen, well net all Primaner huet een einfachen Schoulwee.

Klassenopdeelung

Immens vill Schüler froen sech wéi dat mat der Opdeelung vun de Klasse gereegelt gëtt. Eng Rei Schoulen hunn den Schüler et schon am Detail matgedeelt, anerer nach guer net oder onkomplett an dofir kommen vill Veronsécherungen mat.

Ënneranerem wëlle vill Schüler wëssen ob déi kleng Klassen och an zwee gedeelt géifen ginn. Wann dëst Klassen net gespléckt ginn, hätt Proffe manner Aarbecht a kéinten sech besser konzentréieren, organiséieren an schaffen. Soulaang d'Klassesäll grouss genuch sinn an de Sécherheetsofstand respektéiert ka gi gesi d'Schüler dodra kee Problem.

E puer Klassen, déi schon gesot kruten, dass se net opgedeelt ginn, stellen sech elo Fro ob se dann elo och all zweet Woch Homeschooling hunn wéi de Rescht vun de opgespléckte Klassen oder duerchgehend an d'Schoul musse goen.

Verschiedener kruten nämlech scho kommunizéiert si misste riicht duerch an Schoul goen. Do kennt Bedenken op, dass dann all Woch och méi Schüler an der Schoul an am Schoultransport sech ophale wäerte wéi virgesinn. Dowéinst stellen mir eis d’Fro op d’Sécherheitsmoossnamen nach respektéiert kenne ginn?

En anere Problem deen d’Schüler beschäftegt, ass de Cour deen zweemol muss gehale ginn an deenen 2 verschidde Gruppen, falls Klassen opgespléckt ginn. Proffen halen nämlech zweemol de selwechten Kuer, mee wat verséichert de Schüler, dass keng Ongläichheeten opkommen? (En Beispill: an der Grupp A stellt de Proff een Trick fir, fir eng méi schnell d’Léisung ze kréien, mee hie vergësst et an der folgender Woch dem Grupp B matzedeelen an domadder huet de Grupp B et méi schwéier wéi d’Grupp A). Ausserdeem fäerten mir, dass d’Schüler an e staarken an en manner staarke Grupp agedeelt kenne ginn, an dat déi Grupp mat de méi staarke Schüler méi schnell am Programm viru kéint wéi déi aner Grupp, wat dann dozou feiert datt déi aner Grupp benodeelegt wier.

Mir CNEL héieren och vun de Schüler ëmmer erëm vun ënnerschiddleche Virstellunge wei d’ Proffen hire Kuer hale wëllen, déi eng wëllen esou vill wéi méiglech esou schnell wei méiglech duerchzéien, aner Proffe beméien sech awer, dass all Schüler alles esou gutt wei Méiglech bei ze bréngen. Mir wënschen eis gär en eenheetleche System, fir dass ALL Schüler déi selwecht Chance kritt, a säi Joer propper ofschléisse kann. Dowéinst wëlle mir gär, dass mat Pedagoge gekuckt gëtt wéi een am Beschten de Cours virbereede kann am Fall wou een 2 Gruppen huet.

Rechter vu de Schüler

Een anere Punkt dee ville Schüler Suerge mëscht, ass, ob trotz dëser besonnescher Situatioun oder ebe grad do duerch, et erlaabt ass méi wéi eng Prüfung den Dag ze schreiwen. Mir hunn vu verschidde Schüler héieren, dass et an hirer Klass de Fall ass. Mee net nëmme am Punkt vun de Prüfungen gi sech Suerge gemaach. D’Schüler froe sech, ob hir normal Rechter nach gëllen oder ob dës och lo ausser Kraaft trieden. Am Moment gëtt et do keng kloer Äntwert, a mir mierken, dass all Schoul oder souguer Klass grad hier eege Reegelen opstellen, wou vill Schüler

veronsécht ginn a sech froe firwat et an hirer Schoul esou decidéiert ginn ass ass an an enger anerer Schoul ganz anescht.

Zudeem ass d'Fro ob komm, ob Primaner, déi beispillsweis ënner Autismus leiden, ëmmer nach en eegene Sall zur Verfügung gestallt kréie, wéi et am Ufank vum Joer decidéiert ginn ass, fir sou hiren Examen ongestéiert schreiwen ze kënnen.

Sécherheetsofstänn

Eng vun de Schüler hire grouse Suergen ass, datt d'Sécherheetsofstänn net agehale kenne ginn. Mir si skeptesch a Punkto Sécherheetsofstand, well 2 Meter Ofstand sinn trotz Opdeelung vun de Klassen an enger Schoul zimmlech onrealistes. D'Schüler fäerten, datt et schwiereg wäert ginn an de Gäng virun allem während dem Ufank an dem Enn vun de Kueren de recommandéierte Sécherheetsofstand ze halen. Suerge ginn sech virun allem och bei de méi jonke Schüler gemaach, bei deenen zum Beispill d'Freed sech rëmgesi méi grouss ass wéi d'Angscht/Bewosstsinn virum Virus, esou dass si domat sech, an anerer a Gefor bréngen. Ee weidere Beräich wou mir eis vill Froe stellen ass d'Situatioun op den Toiletten, ganz vun der Infektiounsgefor ofgesinn, kéinten des och als heemlechen Treffpunkt genotzt ginn.

lessensverdeelung

Als Schüler gesi mir eng grouss Schwieregkeet bei der lessensverdeelung. Engersäits froe mir eis, wéi et logistes.ëmgesat ka ginn, dass d'lessen ënnert de Schüler soll verdeelt ginn, ouni dass des ze vill Kontakt mat anere Leit ze hunn. Mir gesinn et schwiereg dëst ze packen, ouni ze vill un de Schoulstonnen verréckelen.

Dann stellt sech Fro, wou giess gëtt; mussen d'Schüler ëmmer an hirem Kllassesall iessen, oder kennen se och eraus goen, bzw. dierfen d'Schüler sech mëttes och d'lessen op aner Plaze siche goen? Wéi eng Sécherheetsmesurë ginn do getraff?

Zousätzlech si mir der Meenung, dass et nach ëmmer wichteg ass, den ökologeschen Aspekt net ze vergiessen. Vill Schüler hunn sech déi lëscht Méint fir eng Schoul mat manner Offall a Plastik agesat. Mat Bedauere gesi mir elo, dass all Schüler d'Frupsbox ëmmer eng Plastiksfläsch soll enthalen. Verschidde Schoulen hunn hire Schüler scho kommunizéiert, dass wann si mat eegenem lesse kommen, et nëmme am Plastik oder Pobeier dierf agepaakt sinn, an dass Verpackung duerno muss entsuergt ginn. Mir verlaangen, dass all Schüler weiderhi säi Bidon, Brout- oder lessenkëscht ka benotzen, an dass all Schüler ka Beispillsweis bei der Bestellung auswielen, ob e gären eng Plastiksfläsch hätt, oder net.

Testzenteren

Testzenteren vun de Primaner leien am Moment weder no bei der Schoul vun de Schüler, nach no vun hirem Wunnsätz. D'Premiëresschüler aus der Staat müssen zum Beispill bis op Bascharage oder Jonglënster fueren. Och hei betounen mir nach eng Kéier, dass net all Schüler e Führerschäin huet oder en eegenen Auto. D'Elteren müssen och schaffen a kennen sech net als Chauffeur zu deier bestëmmten Auerzäit ubidden an Fuergemeinschaften sinn zu Coronazäiten och net méiglech. Vill Schüler hunn also Angscht sech net testen kenne ze loossen oder müssen deelweis aus dem Norden bis an de Süden fueren. Déi Testzenteren sollen also an der Géigend vun dem jeeweilege Schüler sinn.

Obligatoresch Prüfungen op der Première

Eng Rei Primaner hunn decidéiert, a verschiddene Fächer just dat éischt Semester zielen ze loossen. Dowéinst gesi si och net de Sënn, esou kuerz virun den Examen eng Prüfung musse schreiwen ze goen, wou se een eidelt Blat ofginn, an duerno direkt erëm heem kennen. Dëst wier en onnéidege Risiko, deem sinn sech an anerer aussetzen. Des weideren, gouf festgestallt, dass keng eenheetlech Reegelung zu deem Thema ze fannen ass, wat mir eis awer géife wënschen.

Internat


Vill Schüler, déi theoretesch an engem Internat ageschriwwe sinn, stelle sech de Moment d’Fro, wéi et mat hinne weider geet.

Als CNEL wiere mir och weiderhi bereet konkret un de Saache mat ze plangen an no Léisungen ze sichen an dofir géinge mir grad dem MENJE eis Hëllef ubidden.

Ganz kloer verlaange mir och, dass ëmmer op d’Experte gelauschtert soll ginn a d’Schüler all déi selwecht Chancë garantéiert kréien. Mee d’Sécherheet a Gesondheet muss ëmmer am Virdergrond stoen.

Esou wënsche mir eis och, dass jidderee richteg a verständlech iwwert déi ganz Mesuren informéiert gëtt. Dëst géing de Schüler awer och all den aneren Acteuren hëllef Kloerheet ze hunn.

Natierlech wëlle mir awer och op dësem Punkt eng Kéier de verschiddenen Acteuren déi esou vill Zäit investéieren an Engagement weisen ee grouse MERCI ausschätzen an hoffen op ee schnellen a positive Schluss vun dëser schwiereger Zäit!



Kimon Leners

President CNEL